

VIDEO: COPYRIGHT-DIREKTIV

# Wien ass responsabel, wann am Internet Auteursrechter blesséiert ginn?

Vum Pit Everling [Radio] an Im (RTL.lu) | Update: 22.03.2019 20:01



@ AFP

Lëtzebuerg gehéiert zu de Kritiker vum neier Reegelung fir d'Droit-d'auteurs am Internet. Dese Samschdeg gëtt dogéint demonstréiert.

Si wëll d'Droit-d'auteurs am Internet der Zäit upassen. Ma déi nei Copyright-Direktiv vun der EU suergt nawell fir vill Opreegung. Virun allem d'Artikelen 11 an 13 stinn an der Kritik. Et gëtt notament gefaart, datt gewëss Fräiheeten am Internet a Gefor sinn. D'Gegner vun der Direktiv ginn d'Hoffnung net op.

## Auteursrechter am Internetzeitalter



Wien ass responsabel, wann am Internet Auteursrechter blesséiert ginn?



AUDIO: Copyright-Direktiv. Rep. Pit Everling

Zu deene Gëigner gehéiert Lëtzebuerg. Och wann d'Adaptéiere vun de Reegelen vum Prinzip hier begréisst gëtt, sou wier de Kompromëss, deen d'Negociateuren ausgehandelt hätten, net equilibréiert genuch.

An der zoustänneger Kommissioun huet de Grand-Duché dofir zesumme mat Finnland, Italien, Holland a Polen déi rout Kaart gewisen.

Och an de Couloire vun der Lëtzebuenger Chamber héiert ee virun allem kritesch Téin: D'Direktiv wier ze strikt an d'Diskussiounen aus de leschten zwee Joer wieren am Text net berécksichtegt ginn, esou d'LSAP-Deputéiert Lydia Mutsch. De Sujet stoung bis ewell zwar nach net um Ordre du jour, d'Thema interesséiert awer natierlech d'Deputéiert aus der parlamentarescher Digital-Kommissioun.

Am Zentrum vun der Kritik steet jo den Artikel 13. Online-Plattformen mussen scho beim Eropluede vu Contenu sécherstellen, datt keng protegéiert Wierker am Netz landen. Et ginn als Konsequenz strikt Filtere gefaart an eng gewëss Zensur. Och legaalt Material kéint erausgesënnert ginn an de Wee an den Internet net packen.

De Piraten-Deputéierte Sven Clement schwätzt vu gravéierende Konsequenzen, déi et kéinte ginn. Et wier zwar net grondsätzlech falsch, datt e Computer kuckt, ob bei engem Upload zum Beispill op Facebook, Youtube, Twitter, LinkedIn ... kee geschützte Material benotzt gëtt, de Problem wier awer, datt et och Memes, Remixes, Kriticken, Commentairen gëtt an déi kéint e Computer hautdesdaags nach net erkennen.

Och bei der CSV ass een der Meenung, datt de Kompromëss nach eemol sollt op de Leescht geholl ginn. D'Deputéiert Octavie Modert wonnert sech awer iwwer de Revirement vun der Lëtzebuenger Regierung - nach wier de Sujet weder an der Chamber, nach an der Chamberkommissioun diskutéiert ginn, dobäi wier et interessant ze wëssen, firwat d'Regierung hir Meenung geännert hätt. Lo wier se géint den Artikel 13, virdru wier dat net de Fall gewiescht ...

Nieft dem Artikel 13 huet den Artikel 11 nawell net just Frënn. D'Zil ass et, d'Wierker vun Auteursrechter ze remuneréieren. Hei gëtt awer gefaart, datt et an Zukunft problematesch kéint ginn, fir Lienen um Internet ze deelen.

Et ass - wéi et ausgesäit - awer egal wéi net ze evitéieren, datt d'Direktiv geschwé bei den zustänneger europäeschen Instanzen duerchkéint. Dono hunn d'Memberstaaten zwee Joer Zäit, fir se éimzesetzen.

[PDF: Pressecommuniqué am Numm vu 14 Organisatiounen a Parteien.](#)

*Zu Lëtzebuerg gëtt sech trotzdeem weider gewiert. Virun allem eng ganz Rei Jugendorganisatiounen - dorënner Jugendparteien - stäipe sech massiv géint d'Artikelen 11 an 13.*

*E Samschdeg ass an deem Kontext op der Place de l'Europe um Kierchbierg eng Protestmanifestatioun.*

## Schreiwes #SaveYourInternet

### Breet Bündnis rifft zur Demonstratioun géint d'EU-Urheberrechtsreform op

De Samschden den 23. Mäerz sinn europawäit Demonstratiounen géint d'EU-Urheberrechtsdirektiv, iwwer déi d'Woch drop am Europaparlament ofgestëmmt gëtt, geplangt. Treffpunkt fir d'Manifestatioun zu Lëtzebuerg ass d'Place de l'Europ um Kierchbierg fir 14 Auer.

Problematesch un der geplangter Reform si virun allem d'Artikelen 11 an 13.

Artikel 11 stellt d'Verlinke vu virun allem Presseartikelen a Fro, während den Artikel 13 Uploadfiltere mat sech brénge wäert, déi eng grouss Gefor fir d'Meenungsfreiheet duerstellen.

Énnerstëtz gëtt dës Manifestatioun vun:



- Links**
- [PDF: Pressecommuniqué am Numm vu 14 Organisatiounen a Parteien.](#)
  - [AUDIO: Copyright-Direktiv. Rep. Pit Everling](#)

## COMMENTAIEREN

Schreift en neie Commentaire

Dem Datum no sortéieren

**Oregano** - 22.03.2019 22:05 0 2  
Hand op d'Häerz. 2/3 vun denen, déi järein a maulen get et nit ermt Meenungsfreiheit oder de Schutz vu Start-Ups, me dodrun, dass se nit welle forcéiert ginn, Urheberrecht ze respektéieren!

Mellen Antweren

**Netschlecht00** - 22.03.2019 22:00 0 0  
Wat ech gesinn, wat an deser Welt alles geschitt da kéint ee dat ganz awer e besse verstoen

Mellen Antweren

**Letzebuenger\_Patriot** - 20.03.2019 11:18 6 0  
Den Haaptgedanken vunn deenen dei daat proposéieren ass secher d'Zensur. Den Schutz vum Copyright ass just en Virwand fier nach mei Zensur anzeféieren ann d'Meenungsfreiheet nach mei anzeschranken.

Mellen Antweren

**jang** - 20.03.2019 11:03 4 0  
Et kann een mam Datenschutz an soss Rechter och villes iwwerdreiwien.

Mellen Antweren

**FearNothing** - 22.03.2019 20:11 0 0  
Wat huet dat mat Datenschutz ze din?

Mellen

**Login** Fir Commentairen ze schreiwien, musst Dir ageloggt sinn

## WEIDER NEWS

<p><b>Groussbritannien</b> Kéint et zum Putsch géint d'Theresa May?</p>	<p><b>VIDEO: Fréijoerssommet zu Bréissel</b> Nom Brexit elo Thema Wirtschaft, Klima a Relatiounen mat China</p>	<p><b>EU-Sommet</b> Den 12. Abrëll ass neie Stéchdatum fir Groussbritannien</p>	<p><b>Xavier Bettel</b> Vertängerung vum Brexit bis no den Europawale wier katastrofal</p>
<p><b>Ungaresch Fidesz</b> EVP suspendéiert Partei vum Viktor Orban</p>	<p><b>Verréckele vum Brexit</b> Theresa May freet, Donald Tusk äntwert</p>	<p><b>Europaparlament</b> Léisst de Victor Orban sech "ënner Tutelle" setzen?</p>	<p><b>Neie Brëif un den Tusk</b> Theresa May wëll Brexit verréckelen</p>

Back to Top

<p><b>RTL</b> Schreift lech an eis Newsletter an: E-Mail-Adress <input type="text"/> <b>GO</b></p>	<p><b>IP.DIGITAL</b> Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg</p>				
<p><b>News</b> National Meng-Gemeng International Europa Si hu gespent Foto vum Dag Den Invité vun der Redaktioun Bommeleer</p>	<p><b>Meenung</b> Carte Blanche Commentaire A propos Lieserbréiwer Medien</p>	<p><b>Mobilitéit</b> News Trafic Commentaire Pétrolspräisser Auto-Tester Autospräisser Lux-Airport Radar-Kontrollen Guidage Parking</p>	<p><b>Lifestyle</b> News Kichen Gesondheet Reesen Tech-World Horoskop</p>	<p><b>Kultur</b> News Kino Musek Bicher Sprooch</p>	<p><b>Sport</b> News Futtboll Basketball Handball Deschternis Volleyball Tennis Cyclissem Auto-Moto Weider Sportarten</p>
<p><b>Gaming</b> News Review 11F Gaming</p>	<p><b>Fotoen</b> Aktualitéit Events a Fester Auto Télé Radio Sport RTL On Tour</p>	<p><b>Meteo</b> Fotoen</p>	<p><b>Info</b> Services de garde Loterie Déiererubrik Editus Lifelong Learning Moovjob SMS Servicer</p>	<p><b>Télé</b> Live Replay Fotoen Informatiounen</p>	<p><b>Radio</b> Lauschteren Emissiounen Musek Fotoen Team Informatiounen Serie: Kommunikatioun</p>